**Commentaire Budget 2022/23 Anne HUBERTY**

**Conseil communal du 12.12.2022**

Här Buergermeeschter,

Madamm, Dir Hären aus dem Schäfferot,

Léif Kolleegen aus dem Gemengerot,

Léif Biergerinnen a Bierger aus der Gemeng Hesper,

Wéi schonn d'lescht Joer esou well ech och dëst Joer nees dem Schäfferot fir d'éischt zu engem detailléierten an transparente Budget felicitéieren an all deenen, déi um Ausschaffe vun dësem Dokument bedeelegt waren e grousse Merci soen.

Merci och dem Rapporteur Guy fir seng ausféierlech d'Präsentatioun iwwert eis Gemengefinanzen.

Wéi mir héieren hunn, gëtt 2023 de Budget mat 11 Milliounen Euro equilibréiert an et muss keen Emprunt dëst Joer gezunn ginn; änlech gutt gesäit et fir dat kommend Joer aus. Eis Gemengefinanzen sinn extrem gesond, d'Gemengeschold beleeft sech Ënn 2023 op 520 000 Euro (ouni fiktiven Emprunt vun 11 Mio), dat ass eng Pro-Kapp-Verscholdung um Enn vun dësem Joer vun 48 Euro, 2023 esouguer nëmmen nach vun 31

Euro, e Chiffer dee beweist, dat d'Hesper Gemeng mat hiren 16.331 Awunner (Stand November 2022) hier Finanzen gutt geréiert an d'Investitiounen op deene richtege Plazen gemaach ginn.

Ech wëll op dëser Plaz fir d'éischt just e op e puer Zuelen an Investitiounen agoen, déi mir besonnesch an dësem Budget opgefall sinn.

Duerno géif ech gären, wann Dir erlaabt, an engem zweeten Volet op eng ganz Panoplie vu Projet'en agoen déi am Beräich vun der Integratioun an um soziale Niveau stattfonnt hunn an déi net zulescht eisem fläissegen Sozialschäffen Romain Juncker ze verdanken sinn, deem ech op dëser Plaz e grousse Merci wëll ausschwätzen fir säin Engagement an dee positiven Elan deen d'Léit matrappt a si motivéiert sech och fir anerer ze engagéieren an anzesëtzen.

Ier ech awer elo mäin klengen Exkurs mat iech an de soziale Sektor starten, fir d'éischt, wei versprach e puer Momenter am Budget déi ech awer well ervirhiewen.

Ugefaangen mat de Schoulen an de Maison-Relais'en.

**MR/Schoul/Educatioun**

D'Populatioun an der Gemeng Hesper wiisst rasant an ëmmer méi Kanner ginn an d'Schoul a musse betreit ginn. Momentan sinn 1207 Schülerinnen a Schüler an eise Grondschoulen

ageschriwwen. Dovun profitéieren eng ronn 939 vun den ugebuedenen Structures d'accueil a Foyer'en.

Nei Schoulen a Maison Relais'en mussen gebaut, aler renovéiert an ëmgebaut ginn fir dem Besoin u Kanner gerecht ze ginn. Dofir war ech frou am Budget vun den dépenses extraordinaires ze liesen, dat weiderhin an eis Schoulen, Maison Relais'en an Foyers Scolaires investéiert gëtt. 100 000 Euro si fir d'Extensioun vun der **Maison Relais vun der Schoul zu Alzéng** fir dat kommend Joer virgesin.

Fir d'Extensioun vun der **Schoul vum Houwald Couvent** sin am Budget 2022 4 Mio Euro virgesinn.

Déi **nei Schoul zu Alzeng** fir d'Cyclen 2-4 huet d'Gemeng 2022 1,5 Milliounen Euro kascht, eng weider Millioun ass am Budget fir 2023 virgesinn.

D'Renovatioun an d'Extensioun vun der Schoul um **Houwald Plateau** huet d'Gemeng dëst Joer 4 Milliounen kascht, 5,5 Milliounen sin hei am Budget fir dat kommend Joer virgesinn.

Wichteg ass et der Gemeng och Spillplazen fir d'Kanner ze schafen a Plazen wou si sech sécher kënnen austoben. Esou ass z.B. e **Beweegungsparcours an der Schoul um Couvent** virgesinn grad esou wei en **Terrain Multisport an der Rothweit II** an e **Kloterfiels** an der Hesper Schoul.

Dës Infrastrukturen hunn d'Gemeng 2022 320 000 Euro kascht, 2023 sinn nach eemol 240 000 Euro virgesinn.

Ech stellen deemno fest, dat d'Gemeng Hesper och an Zukunft an d'Infrastrukturen investéiert déi eise Kanner zegutt kommen an dat ass dat wat zielt.

**Senioren**

Wann d'Gemeng vill an hier jenksten Awunner investéiert, esou vergësst si nawell net déi eeler Léit. Mam Clubhaus **Am Säitert** am Centre Thoma huet d'Gemeng eng wichteg Plaz geschaf fir jiddereen, virun allem awer fir eis Senioren mat individueller Berodung a flotten Aktivitéiten mam But der Isolatioun entgéintzewierken an d'Leit beieneen ze bréngen. Stand November 2022 waren iwwer 200 (204) Léit soit als Member am Clubhaus ageschriwwen soit hu si schonn un den ugebuedenen Aktivitéiten deelgeholl. 8 Memberen sinn dobäi mei jonk wei 50 Joer, 44 Memberen léien am Altersduerchschnëtt tëscht 61 a 70 Joër an esouguer 20 Participant'en si méi wei 80 Joer al, (déi jénksten Member huet iwwrigends 41 Joer, deen eelsten 88), Chifferen déi beweisen dat d'Clubhaus „Am Säitert" net nëmmen déi eeler Generatioun uschwätzt, mee Aktivitéiten ugebueden ginn, déi all Alterskategorie uschwätzen.

Wann e bedenkt dat déi éischt Ausflich mat just 2-3 Léit stattfonnt hunn an ech elo vum Yolande héieren dat de Yoga Cours mat 16 Participant'en ratz fatz ausgebucht war an esouguer nach 4 Leit op der Waardelëscht stinn, 24 Léit ugemellt sinn fir mat op de Chrëschtmaart op Stroossbuerg ze fueren an am Ganzen eleng 80 Leit bis elo um Trëppeltour mat uschléissendem

Restaurantbesuch deelgeholl hunn an och d'Randonnée'en mat engen ronn 43 Participant'en gutt besicht waren, kann ech dem Yolande a senger Equipe just felicitéieren an hinnen weiderhin vil Erfolleg wënschen.

Dofir op dëser Plaz dem Yolande an dem Vinod e grousse Merci fir hiren onermiddlechen Asaz an déi flott Agenda déi si opgesat hun mat deenen villen ënnerschiddlechen Aktivitéiten déi mat grousser Begeeschterung vun de Léit ugeholl ginn.

Och de Projet vun der **Maison de soins** déi um Houwald nieft dem CIPA gebaut gëtt, geet virun. Mat engem Budget vun 120 000 Euro fir d'Joer 2022 a weideren 250 000 Euro déi fir 2023 virgesinn sinn, gëtt och un dësem Projet net gespuert an un déi eeler Léit geduecht déi et méi wei verdéngt hunn, hiren Liewensowend an adaptéierten Infrastrukturen ze verbréngen wou no hinnen gekuckt gëtt a si hir lëscht Liewensjoren würdeg verbréngen kënnen.

**Soziale Wunnengsbau**

E weidere Punkt, deen mir wichteg schéngt, a wou eise Buergermeeschter net midd gëtt sech dofir anzesëtzen, ass de soziale Wunnengsbau. Ech denken dat d'Gemeng Hesper wéi keng aner Gemeng versicht abordabelen Wunnengsraum ze schafen. Mëttlerweil sinn scho vill Familljen ageplënnert an déi lescht dierften och Enn vun dësem Joer hier Wunneng oder hiert Haus am **Rothweit II** zu Alzeng bezeien an et freet mech ze

liesen dat **déi 6 Jumeléeshaiser um Holleschbierg** déi vun der Gemeng selwer gebaut an och ënnert erschwéngleche Konditiounen verkaf gi sinn grad wéi déi **11 Appartementer um Houwald** (wat och sozial Mietwunnengen sinn) an der rue des Scillas am Bau sinn. Dës 3 Projet'en stinn mat 4,9 Mio fir dëst Joer an 4,6 Mio fir 2023 am Budget. (gëtt nach vun 2,5 Mio op 3,5 Mio an d'Luucht gesat fir 2023) Och keeft d'Gemeng nach een Terrain bei der Place Jomé fir 3,8 Mio op fir an Zukunft nach kënnen zousätzlech erschwéngleche Wunnengen ze realiséieren.

Och d'**Residenz Alloro** op der Rothweit II ass mëttlerweil a Betrib geholl ginn an ech wäert zu engem spéideren Zäitpunkt nach eemol op d'sozial Wunnengen an dëser Residenz ze schwätzen kommen.

Wëll eise Buergermeeschter am Domaine vum soziale Wunnengsbau esou aktiv ass, vläicht d'Fro un de Marc Lies no der aktueller Zuel vun de soziale Wunnengen an der Gemeng am Allgemengen an och d'Fro no aktuelle Zukunftsprojet'en an dësem Beräich.

**Projet'en am integrativen a soziale Beräich**

Wéi ech iech schonn am Ufank gesot hunn, schwätzen d'Zuelen am Fong fir sech a well mir d'Aarbecht um Terrain an den direkten Kontakt mat de Leit dach e bëssen mei no ass, huelen ech mir elo e bëssen Zäit fir iech en Abléck an d'Projet'en an Aktivitéiten ze ginn, déi an der leschter Zäit um soziale Plang bei

eis an der Gemeng gelaf sinn an och nach wäerten an Zukunft stattfannen:

Ugefaangen mat eisem **Sproochecafé Babel** deen all 4. Dënschden am Mount stattfënnt bis hin zu eisen **Exploration du monde** déi och dëst Joer e grousse Succès kannt hunn iwwer **d'lëtzebuergesch Cours'en** déi ugebueden goufen fir nëmmen e puer vun eise ganz regelmäβegen Aktivitéiten ze nennen.

De 19. Juni hu mir eis **Fête de l'amitié** am Park gefeiert. D'Wieder huet matgespillt a richteg vill Léit haaten de Wee op Hesper fonnt, wou mëttes zesummen musizéiert, gekacht a gedanzt gouf.

Geplangt ass fir 2023 och nees e **„Welcome Day“** fir d'Résident'en déi an deene leschten 2 Joer an d'Gemeng Hesper geplënnert sinn fir hinnen e klengen Abléck an de Fonctionnement vun der Gemeng an hier Aktivitéiten ze ginn.

Am Kader vun der **semaine de la santé mentale** gouf en **1. Hëllef Cours vun 12 (4x3h) Stonnen** an dësem Beräich ugebueden. Dës Formatioun hat e Succès fou a war ratz fatz ausgebucht. Op 4 Owender hannerdeneen am Oktober haten d'Léit d'Méiglechkeet sech am Beräich vun der psychescher Gesondheet ausbilden ze loossen an esou ze léieren mat de mentale Probleemer, mat deenen eis Gesellschaft leider ëmmer méi konfrontéiert gëtt, ëmzegoen.

A wëll d’mental Gesondheet esou e wichtegt Thema ass, huet d’Sozialkommissioun sech et och net huelen gelooss zesummen mam Germain Kirsch eng Konferenz ze organiséieren déi den 20. Oktober stattfonnt huet, ënnert dem Motto**:** **„Stresskompetenz entwickeln – Burn-out vorbeugen“**.

Den 1. Oktober hate mir d‘**Journée du Grand Âge** wou mir zesummen mam GERO flott a kreativ Atelier’en ugebueden hunn, déi sech em d’Thematik Alter an Diversitéit gedréint hunn. Esouguer d’Madamm Ministesch Corine Cahen ass bis laanscht kucken komm. E gesellegen Apero Concert huet den Daag dunn ofgeschloss.

E bësse stolz si mir op eise **„Ronnen Dësch“,** wou mir am Kader vum „Vivre ensemble“ an an Zesummenaarbecht mam CEFIS mol versicht hunn eng ganz Partie vun eise sozialen Partner un een Dësch ze kréien, mam But sech kennenzeléieren a vläicht verschidden Projet’en ze lancéieren déi soss net zustane kommen wieren. A Workshop’en hu mir zesummen iwwert d’Erausfuerderungen an eventuell nei Wee’er diskutéiert fir d’Zesummeliewen an eiser Gemeng nach méi attraktiv gestalten ze kënnen.

Jonk an Al hu sech ausgetosch, vun eise Crèchen bis hin zu der Amiperas, dem SERVIOR, dem betreite Wunnen, der Initiativ Liewensufank, dem Jugendtreff, der maison des associations, dem Clubhaus „Am Säitert“, dem CIGL, dem Flüchtlingshaus, der Caritas, respect.lu, dem GERO, der Croix-Rouge, dem

Heesper beweegt sech, dem Office Social, fir nëmmen e puer Associatiounen ze nennen, déi direkt present waren a fir animéiert Gespréicher gesuergt hunn.

Hinnen all op dëser Plaz och e grousse Merci gesoot a vläit kann de Romain eis uschléissend och iwwer méi konkret Resultater vun dëse Workshops informéieren an eis matdeelen wéi et elo mam Ronnen Dësch an Zukunft wäert weider goen.

Den Zusammenhalt vun de Leit aus der Gemeng soll och eis **sozial Noperschaftsapp**, den sougenannten *hoplr* färderen. Op dëser neier Plattform gi vill Servicer ugebueden, awer och ugeholl. Dës App fonktionéiert mëttlerweil als Informatiounsmedium genee esou gutt wéi als Plaz wou een no Hëllef froen, awer och seng Ënnerstëtzung ubidden kann. Soumadder erfëllt d'App hiert d'primärt Zil: D'Léit aus der Gemeng méi no beieneen ze bréngen a nach méi mateneen ze vernetzen. De Romain kann eis uschléissend vläicht e bëssen mei präzis d'Fro no der Effikassitéit vun dëser App beäntweren. Wou a wéi vill a vu wiem gëtt dës App virun allem benotzt ? Wou léien d'Haaptinterssi'en vun den Awunner vun der Gemeng Hesper?

Apropos Vernetzung: Am Budget vun den dépenses ordinaires stinn 155 000 Euro déi sollen 2023 an e **Citybus** investéiert ginn fir an enger éischter Phas deenen Léit zu Alzeng a Fenteng, déi moies frei schaffen ginn eng zousätzlech Offer am 20' Takt unzebidden. Dëst ass an Zäiten wou et am Traffik op den

Haaptachsen net méi weider geet eng flott Initiativ an e flotte Projet deen een, wann d'Demande do ass, kéint weider ausbauen. Dofir vläicht och d'Fro un de Schäffen Georges Beck ob a wei eng Iddi'en hei ugeduecht sinn.

D'Léit zesummenzebréngen ass och d'Zil vun eisem **Nopeschfest,** dat Freides den 20. Mee ënnert der gewinnter Form stattfonnt huet. Och dës Offer gëtt vun de Léit gutt ugeholl a genotzt fir Frëndschaften ze verdéiwen oder nei Léit kennenzeléieren.

Net vergiessen ze ernimmen wëll ech awer och op dëser Plaz de Pol Godinho a seng ganz Equipe vum **Jugendtreff**, d'Jongen an d'Meedercher scheien keng Aarbecht a sinn ëmmer do fir sozial Projet'en ze ënnerstëtzen. Interessant ass och hei vläit d'Fro noch der aktueller Clientèle am Jugendtreff. Wéi eng Alteren sin am beschten vertrueden? Wou léien d'Interessi'en vun deene Jonken?

U Jonken mangelt et och net, wann et beispillsweis heescht **d'Vakanzaktivitéiten** am Summer ze organiséieren. Och hei geet d'Gemeng mam gudde Beispill vir a gëtt deenen Jonken d'Méiglechkeet en Abléck an d'Beruffswelt ze kréien, sief dëst andeem d'Studenten de Gemengenaarbechter bei de Gaardenaarbechten hëllefen, am Ökozenter, am Beach Club oder eben bei de **Vakanzaktivitéiten** eng Hand mat upaken. 72 Studenten waren am Summer fir e Vakanzenjob bei der Gemeng engagéiert.

Eise Coordinateur sportif de Sidney Loes huet iwwert d’Joer gesinn net manner wei 198 Inscriptiounen a sengen Sportscours’en sief et mëttes oder owes gezielt.

Am Kader vum **„Hesper beweegt sech“** waren insgesamt 846 Kanner dëst Joer ageschriwwen, eng Zuel déi och steteg an d’Luucht geet.

Eis **Museksschoul** zu Fenteng huet dëst Joer 1007 Inscriptiounen ze verzeechnen gehat, dat sinn 60 Aschreiwungen méi wei dat lëscht Joer, d’Zuelen déi weisen, dat déi Jonk hier Fräizäit awer nach sënnvoll notzen wann eng uerdentlech Offer do ass.

Jonker eng Zukunft bidden ass eng Prioritéit vun der Gemeng Hesper, dofir sinn Institutiounen wéi **d’Betreit Wunnen** wichteg.

D’Demanden vu Jonken déi op der Sich no enger Bleif sinn, ginn ëmmer weider an d’Luucht. Am Moment stinn deene Jonken tëscht 18 a 26 Joer 12 Zëmmer a 14 Wunnplazen zur Verfügung.

Déi héisch Demande weisen dat vill Jonker Schwieregkeeten hunn sech an dëser schnelllieweger Zäit zurechtzefannen, sech eng Auszäit wëllen huelen a versichen aus hiren oft erdréckenden Familljeverhältnisser ze flüchten.

Dofir war ech och frou wéi ech am Budget vun den dépenses extraordinaires gelies hunn, dat fir d’Joer 2023 500 000 Euro virgesinn sinn fir an e **neit Betreit Wunnen III** an der Rothweit a Coopératioun mam Ministère de l’Education Nationale a mam

Ministère du Logement ze investéieren. An dësem Kontext vläicht och d'Fro un de Romain no der Unzuel vu Jonken déi momentan vun dëse Strukturen profitéieren. Wou kommen déi Jonk hier? Wat sinn hier Besoin'en?

3200 Jonker am Alter vun 16 bis 24 Joer wunnen momentan offiziell bei eis an der Gemeng, am Alter vun 25-29 sinn et der 1020. Vill Jonker hunn an eiser haiteger Zäit Probleemer sech erëmzefannen, och d'Schoul ass dobäi oft e Problem. Wann ee bedenkt, dat 30% vun de Schoulofbriecher mol net richteg vun engem System erfaasst ginn, dann mécht engem dat Angscht. Dofir hu mir an dësem Kontext de Projet **Youth and work** an Ugrëff geholl, e Projet deen Jonken soll hëllefen sech an der Aarbechtswelt erëmzefannen. Dëse Projet bitt Jonken, déi op der Sich no enger Aarbecht sinn, d'Méiglechkeet sënnvoll Erfarungen a net alldeeglechen Aarbechtsberäicher ze maachen. Bis zu engem Joer hu si d'Méiglechkeet vun erfuerenem Personal individuell gecoacht ze ginn. Op dës Aart a Weis léieren déi jonk Léit d'Aarbecht a jugendorientéierten Organisatiounen kennen a wäertschätzen. Säit der Grënnung vu youth and work am Joer 2018 konnt dës Organisatioun méi wei 3000 jonke Leit eng Aarbecht vermëttelen.

Eng gutt Aarbecht an dësem Beräich leescht och weiderhin de **CIGL**, deen engersäits versicht Léit, déi keng Aarbecht hunn, erëm an d'Aarbechtsliewen ze integréieren, op der anerer Säit

esou awer och eng attraktiv Ulafplaz fir d'Awunner 60+ ass. Hier Bedürfnisser ze befriddegen ass en Haaptuléies vum CIGL.

Zum engen iwwert den Noperschaftsdéngscht, d'Hesper Geschierkëscht. An dësem Service ginn an engem Joer bal 2.000 Ufroen traitéiert an zerwéiert (1.906 fir 2021). Am Beräich vun der Haushaltshëllef sinn et esouguer 765 Ufroen gewiescht. Dobäi kënnt nach de Schneiddéngscht mat 170 Ufroen plus d'Internetstuff, déi d'Léit och reegelméisseg an Usproch huelen.

Insgesamt hunn esou 850 Awunner aus der Gemeng (60+) iwwert déi lescht 3 Joer mindestens eemol op d'Servicer vum CIGL zréckgegraff.

Am Beräich vun den Aarbechtsmesure léisst sech soen dat den CIGL 25 Demandeurs d'emploi a Vollzäit beschäftegt; Am Kontext vun der Reinsertioun sti si bei 50 % Reussite; d. h. 50 % vun hire Beschäftegten fannen eng nei professionell Erausfuerderung no hirer Astellung beim CIGL an hunn esou nees eng nei Perspektiv an der Beruffswelt.

De CIGL ass soumat e gutt Beispill fir eng Institutioun déi déi sozial Inclusioun fërdert an sech esou aktiv um lokale Plang fir d'Léit asetzt.

Dofir och op dëser Plaz dem Kris Kayser a senger Equipe en décke Merci fir hier wäertvoll Aarbecht déi si dagdeeglech leeschten.

E wichtege Projet deen am Budget mat 70 000 Euro virgesinn ass fir Educateurs gradu'e'en anzestellen, ass de Service **„Streetwork“**, e Projet deen an Zesummenaarbecht mat der Stad Lëtzebuerg, der CARITAS, der Croix-Rouge an Inter-Actions och an der Gemeng Hesper elo soll ulafen. Eng Konventioun mat Inter-Actions huet schonn de Grondsteen fir dëse Projet geluecht. Méi wei jee ass et, virun allem mam Entstoen vun der neier Tramsgare um Houwald, wichteg, mat Léit, déi kaum nach iwwer eege Ressourcen verfügen an oft op der Strooss liewen mussen, ze schwätzen an iwwer d'Kommunikatioun vläicht Léisungen fir Probleemer opzeweisen. Dëst ass sécher keng einfach Aufgabe, well et fir déi Léit oft schwéier ass, Hëllef unzehuelen, Drogen an d'Beschafen vu Suen, Liewensmëttel a Schlofgeleeënheeten oft hiren Alldag bestëmmen. Dofir ass et wichteg bis Hierscht elo mol eng Bestandsopnam um Terrain ze maachen an e Bilan vun der Situatioun um ZAC Houwald ze zeien fir uschléissend aktiv op d'Situatioun reagéieren ze kënnen. Meng Fro an dësem Kontext un de Romain: Wéi genee gesäit dee Projet aus? Wat ass hei längerfristeg geplangt?

Wann ech vu benodeelegten Leit schwätzen, well ech awer och net vergiessen ze ernimmen, dat d'Gemeng versicht och Leit mat engem **Handicap** esou gutt wei méiglech an d'Gemengeliewen ze integréieren. D'Mise en Place vun zwou behënnertegerechten Schaukelen am Häerz vum Hesper Park ass ee Beispill vun

Integratioun, de Fait dat an der Residenz Alloro och eng Sozialwunneng rollstullgerecht amenagéiert ginn ass, ass e weidert Beispill. Och eist Clubhaus am Säitert ass mam Rollstull accessibel an bei allen zukünftegen Projet'en gëtt drop opgepasst, dat den Handicap net ausgeschloss gëtt.

Den Datum vun de nationalen awer och vun de Gemengewalen kënnt lues awer sécher méi no, esou dat mir am Kader vum Pakt vum Zesummeliewen den 19. November en **„Atelier sur la participation politique et citoyenne"** organiséiert hunn, wou mir esou wuel versicht hunn déi eeler Populatioun awer virun allem och déi Jonk unzeschwätzen fir hinnen kloer ze maachen, dat et wichteg ass, dat si wielen ginn an aktiv um Gemengeliewen deelhuelen. Mat 118 Umeldungen huet dës Initiativ e grousse Succès kannt. Fir d'Aarbecht moies an den Atelier'en geselleg ofzeschléissen, huet de Pol Kridel d'Participant'en an der Mëttesstonn mat enger exzellenter Paella versuergt – Merci och dir Paul, fir däin Asaz, deng Hëllef an Ënnerstëtzung bei all dëse Projet'en!

Ech denken dat mëttlerweil och d'Auswäertung vun den Atelier'en vun dësem fruchtbaren Dag vun der ASTI an dem CEFIS missten um Dësch léien, esou dat de Romain eis vläicht och hei uschléissend e puer Resultater kann matdeelen.

**D'Flüchtlingen aus der Ukrain** sinn a bleiwen weiderhin d'Thema an der Gemeng. Dofir och un dëser Plaz meng Fro un de Romain no der aktueller Situatioun. Wei vill Flüchtlingen aus

der Ukrain huet d'Gemeng biswell opgeholl a wei gi si och an Zukunft encadréiert? Wéi ass d'Situatioun momentan am Flüchtlingshaus?

Am Kader vum Projet **« Affichons l'égalité »** proposéieren mir dofir och als Sozialkommissioun nieft bekannte Lëtzebuerger Kënschtlerfraën ee Stroosseschëld enger manner bekannter ukrainescher Fra ze widmen an hoffen domadder kënnen en Zeechen ze sëtzen.

Och ass geplangt am Park eng Aart **„Poterbänk"** opzeriichten, wou Léit déi Loscht op e Gespréich hunn, kënnen Plaz huelen a Gläichgesënnter fannen fir mateneen ze schwätzen a Kontakter ze knëppen. De Kris an seng Equipe schafen schon un engem éischten Entworf vun der Bänk an d'Kanner aus der Primärschoul freën sech schon drop, dës Bänk dierfen mat ze gestalten.

Déi ganz politesch Situatioun uechter d'Welt léisst een net kal an dofir ass et eis wichteg grad deene Léit eng Stëmm ze ginn, deenen et duerch politesch Verhältnisser am Moment net esou gutt geet. Nieft den ukrainesche Flüchtlingen hunn et och **d'Refugié'en aus dem Iran** net einfach, grad jonk Meedercher a Fraen dinn sech schwéier mat dem virherrschenden Regime. Ech haat an deem Kontext déi grouss Chance a menger Schoul zwee ganz staark an engagéiert Meedercher, d'Ayla an d'Aylin, dierfen kennenzeléieren déi aus dem Iran op Lëtzebuerg geflücht sinn an elo probéieren hei op hier Problematik opmierksam ze

maachen. Mir hu versicht deene Meedercher eng Stëmm ze ginn an esou hu si den 1. Dezember am CELO konnten e flotten Exposé halen iwwert hier perséinlech Situatioun an d'Situatioun am Iran am Allgemengen. Ech mengen dat et grad an dësen Zäiten wichteg ass Solidaritéit ze weisen an dat d'Awunner aus der Gemeng Hesper dës Problematik net kal léisst beweist de Fakt dat deen Owend eng ronn 80 Léit hier Solidaritéit duerch hier Presenz ausgedréckt hunn. All déi déi net do waren hun definitiv en emotionale Moment verpasst an dofir och op dëser Plaz dem Aylin, dem Ayla an dem Shabnam nach eemol e waarme Merci gesot fir hirt Engagement wat wierklech eng Häerzensugeleënheet ass.

Léit ze hëllefen deenen et net esou gutt geet wéi eis, soll eng Selbstverständlechkeet sinn. Kleng Aktiounen déi een séier an onkompliziéiert ëmsetzen kann, wei z.B. d'Spenden vum Pfand wärend eisem Wanterflair fir **d'Stëmm vun der Strooss** leien eis dofir besonnesch um Häerz.

Awer och un déi Kleng hu mir wärend dem Wanterflair geduecht a net mei spéit wie gëschter e Nomëtten organiséiert wou d'Kanner konnten am Chalet bei Schocki, Kichelcher an engem waarmen Uewen spannenden **Geschichten** nolauschteren.

Frou waren mir och fir dëst Joer erëm kënnen eis traditionnell **Seniorefeieren** ze organiséieren. Déi éischt war iwwrigends schon gëschter, déi zweet ass den 18. September.

A wann mir schonn bei eise Senioren sinn wëll ech nach eemol kuerz d'Clubhaus **Am Säitert** ernimmen dat Ufank vum Joer seng Dieren opgemaach huet an deem seng Inauguratioun mir e Mëttwoch, den 30. November a Presenz vun der Madamm Ministesch, dem Corine Cahen offiziell geféiert hunn. Déi Responsabel leeschten op dësem flotte Site eng genial Aarbecht a gi sech terribel Méi flott an divers Aktivitéiten unzebidden, déi vun de Léit vun Ufank un gutt ugeholl gi sinn. Nieft Workshop'en déi sech virun allem mam Bien-être an der psychëscher Gesondheet vun de Léit befaassen, stoungen och Ausflich sief et an d'Natur oder einfach an de Restaurant, Wanderungen genee esou op der Dagesuerdnung wéi Gesellschaftsspiller, Petanque spillen oder sportlech Aktivitéiten, oft och an Zesummenaarbecht mat eisem Coordinateur Sportif, dem Sidney Loes, aner Aktivitéiten ginn an Zesummenaarbecht mat der Amiperas an oft och no Ofsprooch mam CIPA oder zesummen mam GERO organiséiert.

Hier Broschür versprecht fir den Hierscht nach eng ganz Rei vu neien Aktivitéiten, ënnert anerem esouguer en Ausfluch op Hamburg. Loosst et iech deemno net huelen d'Yolande an de Vinod perséinlech kennenzeléieren a gitt roueg eemol an d'Clubhaus eng Taass Kaffi drénken. Si freeën sech bestëmmt.

E leschte Merci geet dann awer och nach un d'Anne-Marie Probst a seng Equipe aus dem **Office Social**. Aus hirem Rapport geet ervir dat si fir ëmmer méi Leit en Halt sinn an ëmmer méi

Léit hier Hëllef an Usproch huelen. Virun allem allengstehend Persounen, monoparental Familljen grad esou wéi déi sougenannten „working poor“ an eeler Léit sinn net seelen op d’Hëllef vum Office Social ugewisen.

Schockéierend ass d’Tatsaach dat 90 % vun de Léit déi Hëllef sichen, Probleemer am Beräich vum Logement hunn. Domadder bleift de Logement eist gréisste Suergekand an dëst esouguer héchst offiziell och laut dem neien Politbarometer.

Wann ech am Rapport vum Office Social liesen dat 2016 d’Gemeng 31 Wunnengen zur Verfügung gestallt huet, 2017 schon 43, 2018 48 an 2022 si mir schonn bei 63 Wunnengen, dës steigend Demande weist dat de Besoin no sozialem Wunnraum enorm ass, d’Gemeng awer och extrem Effort’en an dësem Beräich mécht.

E Beispill ass d’Résidence Alloro wou den Office Social am November vun dësem Joer déi éischt Léit (dat waren net manner wei 8 Familljen) aquartéiert huet. Am Dezember kommen eng weider 6 an am Januar nach emol 2 Familljen dobäi.

Dobäi gëtt och op e gesonde Mix vu Nationalitéiten opgepasst: Mëttlerweil sinn an der Résidence nieft Lëtzebuerger Bierger och italienesch, portugisesch, montenegrinesch, russesch, afghanesch an erytreesch Familljen agezunn.

Och an dësem Beräich huet d'Gemeng et net verpasst un d'Léit mat reduzéierter Mobilitéit ze denken, well een Appartement ass esouguer rollstullgerecht amenagéiert an och schonn beluecht.

Wann dir iech all dës flott Projet'en virun Aen féiert, gesitt dir, dat mir net midd ginn, eis virun allem um soziale Plang fir de Bierger aus der Gemeng Hesper anzesetzen.

Ech mengen dat an de leschte Joeren immens vill an dësem Beräich geschitt ass, an dat versicht gouf op d'Interessi'en vum ganz klengen Gemengenawunner bis zum eeleren Matbierger anzegoen.

Integratioun ass e wichtegt Stéchwuert a wei dir gesitt, geet et hei net nëmmen drëm eis auslännesch Matbewunner an d'Gemengeliewen mat anzebezéien, mee et geet virun allem och drëm Léit opzefänken, deenen et net esou gutt geet an hinnen dobäi ze hëllefen sech an hirem Liewen nei ze orientéieren.

An deem Sënn soen ech virun allem de Memberen aus der Sozial- an Intergratiounskommissioun en décke Merci, well hei iwwert déi lëscht Joeren zesummen un engem gesonden „Vivre ensemble" geschafft gouf an ech mengen d'Resultater schwätzen fir sech.

Fir dëst d'Zil ze erreechen ass et wichteg mateneen ze schaffen, all eis Strukturen aus dem soziale Beräich ze vernetzen an un

een Dësch ze kréien, well nëmmen zesummen si mir staark a kënnen een deem aneren hëllefen.

Dofir geet un dëser Plaz mäin Haaptmerci dëst Joer un d'dreiwend Kraaft am Schäfferot um soziale Plang, un de Sozialschäffen Romain Juncker, deen sech getraut huet méi wei een „däregen Dossier" unzepaken a domadder vill nei Pisten fir d'Zukunft vun eiser Gemeng geluecht huet.

Nieft dem Romain wëll ech awer och Iech, Här Buergermeeschter an dem ganze Schäfferot Merci soen fir d'Realisatioun vun all deene Projet'en, Merci fir Är Ënnerstëtzung a virun allem Merci datt d'Hesper Gemeng de Budget zur Verfügung stellt fir esou flott, innovativ awer och wichteg Projet'en fir Jonk an Al, Lëtzebuerger a Net-Lëtzebuerger kennen unzegoen.

A wann ech schonn bei de Merci'en sinn, e Merci och un dat ganzt Gemengepersonal, wat ëmmer frëndlech an hëllefsbereet ass a versicht esou séier wei méiglech de Probleemer vun de Leit Rechnung ze droen.

Awer och Iech dobaussen well ech e grousse Merci soen dat dir eis Aktivitéiten a Projet'en mat Begeeschterung unhuelt an domadder aktiv zu engem flotten Zesummeliewen an eiser Gemeng bäidrot.

Ech soen iech Merci fir d'Nolauschteren!